Intro :

Stater Schoulorganisatioun betrëfft iwwer 5.500 Kanner (an ech géing behaapten: och hier Elteren), 584 brevetéiert Léierpersounen, 117 Chargée de cours, 18 graduéiert a 45 diploméiert Erzéier.innen, di e groussen Deel vum Schoulalldag an eis 19 Schoule verbréngen. Dobäi rechne muss een d'Mataarbechter.innen vu verschidde Servicer vun der Gemeng, an och eng Rei Persounen aus der Regionaldirektioun an aner Servicer vum Educatiounsministère.

Als Gemengerot musse mir bis Enn der Woch eng virleefeg Schoulorganisatioun stëmmen. Et geet dobäi 1. ëm d'Verdeelung vum sougenannte Kontinent. Dat ass d'Zuel vu Schoulstonnen, di den Educatiounsministère eis fir dat nächst Schouljoer zur Verfügung stellt. Et gëllt, 12.774,50 Stonnen – an di domat verbonne Posten – esou ze verdeelen, dat e qualitativ héichwäertegen Enseignement fir all Kand gewährleescht ass.

An 2. muss de Gemengerot d'Schoulentwécklungspläng PDS an d'Plans d'encadrement périscolaire, PEP'en, votéieren.

Mat Bezuch op di vum Schoulschäffen ugefouerte Kannerrechter wëllt ech besonnesch dat Recht op Bildung ervirhiewen. Beim Debat ronderëm Schoulorganisatioun mussen dowéinst d'Qualitéit vum Stater Enseignement an d'Egalitéit fir all Kand/seng Famill am Vierdergrond stoen.

Eng besser Qualitéit vum Stater Enseignement muss

- Dofir suergen, dat de Leeschtungsréckstand vun eise Schoulen – gemooss um Taux vun de Schüler di an den ESC orientéiert ginn – duerch eng méi bedürfnesorientéiert Verdeelung vum Kontingent opgeschafft gëtt. Dofir froe mir Accès op d'Donnéeën aus den épreuves standardisées am Virfeld vun der nächster Schoulorganisatioun.

- En héije Bildungsniveau z'erreeche muss méi däitlech als Ziel an de Schoulentwécklungspläng PDS verankert ginn.

- Mir brauchen ugepasste schoulesch Infrastrukturen, Airtramps fir d'Inklusioun, an en Aktiounsplang fir klimaadaptéiert a beweegungsfördernd Schoulhäff.

- D'Verkéierssituatioun ronderëm d'Schoule muss konsequent an duerch konkret Moossnamen d'Sécherheet vun de Kanner Prioritéit gi virum motoriséierten Individualverkéier.

- De Service de l'Enseignement soll di néideg Ressourcë kréien an d'Schaffe vun enger iwwergeuerdenter Direktioun de l'enfance soll d'Koordinatioun tëschent deene ville Servicer, di ronderëm den Enseignement, den Accueil an d'Infrastrukture schaffen, verbesseren.

Ech ginn elo op di eenzel Punkte méi am Detail an

1. **Réussite scolaire an de Mëttelpunkt : faktenbaséiert Diskussioun iwwer de Kontingent**

Fir et direkt virewech ze huelen: ech vermëssen – an dat scho méi laang – dat de Resultat vum Enseignement an de Mëttelpunkt gestallt gëtt.

Mat Resultat mengen ech: wou stinn eis Kanner, wann se de Fondamental mat 12 Joer verloossen? Wat fir en Niveau hunn se erreecht, an dat am Verglach tëschent de Stater Schoulen, awer och op nationalem Plang?

D'Mooss dofir ass d'Ofschneide bei den épreuves standardisées am Cycle 4, dem 6. Schouljoer. Hei decidéiert sech dacks di weider schoulesch, an deels och berufflech Karriär. Och aner Tester, z.B. vun der Lieskompetenz oder dem mathemateschen Denken, grad esou wéi den Taux d'ajournement maachen Aussoen iwwer de Leeschtungsstand vun de Stater Kanner, d'Stater Schoulen.

Bei menger Virbereedung hunn ech am Nationalen Bildungbericht 2021 eng Kaart fonnt, di ausweist, dat den Taux vun de Kanner aus der Stad, di an de Classique orientéiert ginn, vill méi niddreg ass wéi an eisen Nopeschgemengen an an de Gemengen am Landeszentrum.

Wéi sech dat no Quartier'en duerstellt – dat gëtt net gesot (oder verroden). Wat net heescht, dat et di Informatiounen net gëtt.

Et geet net drëms, eenzel Schoulen ze stigmatiséieren – dat ass als Argument ëmmer séier bei Hand. Nee, et geet drëms, di Decisiounen zur Verdeelung vun der leider begrenzter Ressource Schoulstonne pro Schoul a Klassegréissten méi faktenbaséiert ze huelen. An dat, fir méi gerecht Bildungschancen ze garantéieren. Well kee vun eis kann zériö gleewen, dat Kanner vun der Gare manner respektiv di vum Cents méi intelligent op d'Welt kommen. D'Schoul muss nach dozou bäidroen, sozio-ekonomesch Inegalitéiten auszegläichen. Si muss do méi Moyen'nen zur Verfügung stellen, wou méi Bedarf ass. Dat ass eng legitim Erwaardung vun den Elteren, an dat ass ee wichtege Bausteng fir soziaalt, ekonomescht a kulturellt Zréckbleiwen ze verhënneren.

Also: di Verdeelung vum Stonnekontingent muss a mengen Aen zoukënfteg vill méi un engem Bildungsziel vun den eenzelne Schoulen ausgeriicht ginn.

Dowéinst musse mir als Gemengerot – awer op mannst d'Memberen vun der Schoulkommissioun – vill méi iwwer de Leeschtungs-/Bildungsstand vun eise Schoulen Bescheed wëssen. An. dës Informatioune mussen der Schoulorganisatioun zegronn geluecht ginn.

An dësem Sënn ginn ech eng Motioun eran, mat der de Gemengerot freet, dat fir di nächst Schoulorganisatioun 2025/26 d'Schoulkommissioun am Virfeld di néideg Donnéeën zur Verfügung gestallt gëtt.

Zur Schoulorganisatioun gehéiert och, d'Besetzung vun de Posten ze votéieren, déi prioritär no eisem Permutatiounsreglement gewielt ginn.

2. Kontinuitéit beim Personal garantéieren

Beim Léierpersonal muss ech wéi di lescht Joren meng Suerg zum Ausdrock bréngen, dat et a verschidde Schoulen net genuch Kontinuitéit gëtt. Dh. dat engersäits den Titulaire fir d'Schüler.innen an engem Cycle wiesselt, wat besonnesch am C2 an am C4 fir d'Kanner vu Nodeel ka sinn. Am Verglach mam leschte Schouljoer fält mir d'Schoul vun Eech op, wou all

Klass am Cycle 2.2, 3.2. a 4.2 en neien Titulaire kritt. Och éischter beonrouegend: 13 vun 33 C4.2 Klasse wiesselen den Titulaire! Firwat stelle mir eis dozou net méi Froen?

D'Kontinuitéit vum Schaffen, am Team, bei der Ëmsetzung vum PDS, bei der Zesummenaarbecht mam Foyer etc. gëtt duerch ze vill Wiessel aschränkt. Dee gesäit och een un der Zuel vu neie Léierpersounen an un de postes vacantes. Dat wäert di Equipe vun der Eecher Schoul betreffen (ongeféier 1/3 neier). Erschreckend vill postes vacantes ginn et am Ableck och an der Garer Schoul : bei 23 Klasse feelen 8,5 Titulairen. Dobäi gehéieren och di 2 classes mixtes an der Michel Welter-Schoul. Di politesch a klientelistesch Decisioun vun der Buergermeeschtesch, di virun 3 Joer géint den Avis vum Schoulcomité a vun der Direction vir eng Weiderféierung vun der Welterschoul geholl gouf, bleift fir mech weiderhin kritikabel. Entgéint deem, wat versprach gouf, fënnt di progressiv Zesummeféierung nämlech guer net statt. Elo gesi mir, dat et schwiereg ass, Titulairen fir di 2 classes mixtes an der Welterschoul ze fannen. Ass et dat, wat dëse Schäfferot ënner Qualitéit am Enseignement versteet?

Deene Kanner, di haut op der Gare an d'Schoul ginn, ass och net domatten gehollef, dat a vläicht 5 Joer eng hoffentlech wonnerbar nei Zentralschoul fir d'Gare gebaut ass!

Ech wëllt op d'Kontinuitéit zréckkommen, di – net nëmmen – awer eben och mat eisem Permutatiounsreglement ze dinn huet. Wou Ancienneté den 1. Krittär ass. An enger esou diverser Schoullandschaft wéi eis, a mam Bléck dorop, dat Kontinuitéit a Stabilitéit d'Qualitéit vum Enseignement an doduerch de Bildungserfolleg vu Kanner positiv beaflosst, wier et néideg, de Permutatiounsreglement op de Leescht ze huelen, an dat am Echange mat den Enseignant.en, awer virrangeg am Intressi vun eise Kanner. Huet de Schoulschäffen de néidege Courage dozou?

Sécher ass et beim Kontingent och dréngend néideg, dat op ministeriellem Niveau nogebessert gëtt, also de Kontingent nach méi ugepasst gëtt op di Schülerpopulatioun an hier Bedürfnisser. Ziel muss sinn, dat net Nationalitéit, Wunnuert, Akommes vun den Elteren oder Mammesprooch iwwer de schouleschen Erfolleg oder Mësserfolleg entscheeden.

Als Gemeng hu mir nach aner Stellschrauwen, fir méi Bildungsgerechtegkeet ze schaffen, di awer offensichtlech éischter tabu sinn a bleiwen. Ech denken un en Iwwerschaffen vun de Schoulressorten an un eng Aschränkung vum Schoultourismus. Doduerch kéint d'Mixitéit a verschidde Schoule gehéicht ginn, eng besser Verdeelung vun de Schülerzuele géing erreecht, an en „Classement en rang" vu Schoule géing verhënnert ginn. An dowéinst brauche mir endlech aktuell a verléisslech Zuelen an Donnéeën!

3. Prioritéiten Majoritéit/Schoulschäffen:

Ech wëllt elo op di 4 Prioritéiten agoen, di vum Schoulschäffen formuléiert goufen.

a) Partizipatioun a Matbestëmmung vun de Kanner:

Dat kann ech nëmmen ënnerstëtzen an dat war scho laang eng Fuerderung vun déi gréng. Ech erënneren un de Projet vum Kannerstadplang – deen zënter méi wéi 3 Joer an der Planung ass, a wou d'Matschaffe vu Kanner ausdrécklech gefrot war. Wou ass dee Projet konkret drun? Wéini gëtt dee fäerdeg? Awer och un di Iddi vum Kannergemengerot – mä dat geet vläicht hei ze wäit.

Participatioun an der Schoul iwwer Kannercomités ass dowéinst tipptopp, awer och am nonformelle Beräich (Foyers scolairen), wou et der iwwregens deels scho gëtt, esou dat een op dës Erfarungen opbaue sollt. Mir roden zu enger Zesummenaarbecht mam ZpB, di an dësem Beräich di néideg Expertise hunn, an ech géing gäre méi konkret wëssen, wat wéi a wou gemaach an erreecht soll ginn?

Niewent der Participatioun vun de Kanner, brauch et awer och eng Verbesserung vun der Participatioun vun den Enseignant.en an den Elteren. Besonnesch wann et ëm nei Schoulgebaier geet. Firwat wëssen d'Enseignant.en aus der Gasperecher Schoul quasi näischt vum Neibau? Wéini ginn se do bei der Planung matagebonnen? Ech hoffen dach schwéier, dat de neie Schoulschäffen eng méi fundéiert Definitioun vu Participatioun huet, wéi di, di mir dësem Schäfferot dacks virwerfen.

b) Loscht op Schoul maachen, Loscht um Léiere verbesseren

Och dëst Ziel ënnerstëtze mir zu 100%, an ech begréissen, dat d'Stad vill Moyen'en investéiert fir Projet'en z'ënnerstëtzen, fir kulturell Aktivitéiten, Musik, Sport, Geschicht, Natur an esou weider fir d'Schoulkanner unzebidden.

Dës Aktivitéite mussen och dozou bäidroen, Kanner di vun doheem aus net esou vill Méiglechkeeten hu fir Kultur a Natur kenneléieren, iwwer t Schoul dorunner erunzeféieren.

Am Rapport vum Här Gaspari vun den activités culturelles ass ze liesen, dat am leschte Schouljoer 93% vun de Klasse mat der animation culturelle erreecht goufen. Et wier fir mech wichteg ze wëssen, wat mat deenen anere 7% ass? Wat war d'Ursaach? Wat fir Klassen/Schoule sinn dat?

Och der Madame Paulus, Liz an hirer Equipe vun den activité nature sief merci gesot fir hiren beandrockende Bilan. Rechneresch hält bal d'Hallschent vun eise Klassen am C2-4 un den activités nature deel, an iwwer 80% vun de Klassen aus dem C1. Ofgesi vun der Demande fir d'activité nature, di méi grouss ass wéi d'Offer: et wier intressant ze wëssen, ween gëtt erreecht, ween éischter net. An och dofir ze suergen, dat di Offer ausgebaut gëtt, fir de Kanner d'Natur méi no ze bréngen.

Beim Ausbau vu Bëschklassen géing ech gäre wëssen, a wat fir Schoulen/Quartier'en et dofir eng Demande gëtt? Kann di Demande iwwerall erfëllt ginn? Wa net, wat fir Alternative ginn do proposéiert?

c. Infrastrukturen

Et ass gewosst: de Raum huet e groussen Impakt op d'Léieren an op Bildung. Dofir ass et och intressant, dat di Kompetenz fir d'Infrastrukture weiderhin bei der Gemeng leit. Dat gëtt eis d'Méiglechkeet, Innovatioun, Bedürfnisorientéirung an och Nohaltegkeet als Krittären an d'Spill ze bréngen.

Vunun dat ech am Gemengerot sinn, sinn Infrastrukturen en Thema – warscheinlech virdrun och schonn… Et gouf **kleng** Fortschrëtter - an **déck** Devis'en, di hei votéiert goufen: d'Schoul HenriVII um Lampertsbierg (Fäerdegstellung Dezember 2026) an zu Dommeldeng (Fäerdegstellung: Juli 2028). Di nei Bëschspillschoul (Fäerdegstellung Januar 2028) – allerdéngs hu mir nach keng Pläng gesinn. An Aussicht gestallt ass eng Zort Zentralschoul op der Gare (fir 2029). Fir de Quartier Gaasperech kucke mir weiderhin an eng Kristallkugel.

Lescht Joer krute mir vun der Schoulschäffin de Plan pluriannuel des infrastructures scolaires ausgedeelt. Meng Fäerdegsstellungsdatummer sinn doraus. Ech froen de Schëfferot, dem Gemengerot en aktualiséierte Plan pluriannuel zur Verfügung ze stellen. Bei der Gestaltung vu Lernräim mussen nei Erkenntnesser berücksichtegt ginn – ewech vu Schongkëschten-Strukturen, hin zu Lernlandschaften, wou Autonomie, Kooperatioun an aner Softskills entwéckelt kënne ginn. Mir begréissen, dass beim geplangten Neibau op der Gare hei nei Weeër ageschloe ginn, dës an Zesummenaarbecht mam Berliner Projet „Baupiloten“. Dëse positive Retour muss zoukënfteg och bei aner Projet'en – z.B. zu Gaasperech, zu Hamm – säin Nidderschlag fannen, dës fir e vergläichbare Qualitéitsstandard an de Schoulgebaier z'erreechen. Och dat ass Bildungsgerechtegkeet.

Ëmmer méi Kanner hu Problemer am Verhalen, sinn hyperaktiv a géinge vun Angeboter wéi Airtramps profitéieren. Nëmmen: der hu mir definitiv net genuch an der Stad! An dann ass mir zougedroe ginn, dat fir deen eenzegen, den et an der Schoul zu Dommeldeng gëtt, näischt envisagéiert ass, wou deen Airtramp da wärend der Bauzäit genotzt ka ginn. Dat kann dach bal net sinn! Op der enger Säit verweise mir op d'Inklusioun, di an all eise Schoule soll gelieft ginn, an da gi mir dem Léier- an Erzéiungspersonal net di *basic* Moyen'en, di *state of the art* sinn. Net all Schoul brauch en Airtramp, awer an all Himmelsrichtung 1, dat wier schonn e gudden Ufank. Den Airtramp kann och vu Crèchen a FS genotzt ginn. Ech froen, och do Effort'en ze maachen, an op mannst bei allen neien Infrastrukturen a bei gréisseren Ëmbauten eng Plaz fir en Airtramp virzegesinn.

Zu den Infrastrukture gehéieren och d'Schoulhäff, an do bleift nach ëmmer immens vill ze dinn.

Mir bréngen et fäerdeg, wonnerschéi Kannerspillplazen am Bambësch an am Stater Park ze schafen – VDL muss et och fäerdeg bréngen, anstänneg Schoulhäff ze hunn. Et ass net vertrietbar, dat Kanner hier Pausen a Mëttesstonnen op plakege Makadammsflächen, dacks ouni Schied, lieblos-steril equipéiert – awer dofir einfach propper ze halen.

Et ass geplangt, eng Rei Schoulhäff ze demineraliséieren, d.h. dat d'Makadamsflächen reduzéiert oder méi duerchlässeg solle gemaach ginn. Aus Klimagrënn ass dat dréngend néideg. Awer dat geet net duer! Mir fuerderen en Aktiounsplang „Kanner- a klimafrëndlech Schoulhäff“, an eng konsequent an zäitno Ëmsetzung dovunner mat der Bedeelegung vu Kanner, Léierpersounen, Elteren, a Foyers scolairen. D'Erfarungen, di beim Projet „klimafrëndleche Schoulhaff“ fir d'Schoul Henri VII gemaach goufen, musse weiderentwéckelt ginn. Et ass well och gutt, eis Conciergen an de Service Maintenance matanzebezéien – allerdéngs net fir „geet net“ „well ech net“ ze soen.

Mir brauche Schoulhäff mat Schied, mat Grénges, mat Spiller, di Beweegung stimuléieren, firwat net eng Kloterwand mat Mulch drënner? E Boulderparcours? Pingpongsdëscher? Firwat just plazgräifend Fussballs- an Basketsgoaler, di dann och nach an en ellene Käfeg gesat ginn, well de Ball soss op d'Strooss flitt? Sëtzgeleeënheeten, Balancéierbeemstëmm…? Firwat net an all Schoul eng Pausespillkëscht mat Material wéi Sprangseeler, Softbäll…?

Mir liese mat Bestierzung am Rapport vun der médecine scolaire, dat Kanner sech ëmmer manner beweegen – also musse mir hinne Loscht op Beweegung maachen! Ech hat rezent Geleeënheet zu Freibuerg an engem ganz normale Quartier – Hasslach – 2 Schoulhäff ze kucken, an hunn di Kanner beneid, di do an d'Schoul oder an de Foyer ginn. Mir mussen net bis op Freibuerg kucke goen, och hei am Land ginn et gutt Beispiller, ugefaangen vum Schoulhaff vu Rodt Syre a nach anerer.

Eis gouf och vun Elteren hiert Onverständnes geäussert, firwat Kanner vun der Schoul an de Foyer scolaire mam grousse Bus gefouert ginn, dee méi laang ënnerwee ass, wéi wann d'Kanner géingen zu Fouss goen. Dat um Lampertsbierg.

Eppes, wat am Aarbechtsgrupp Schoulhäff och diskutéiert gouf, war d'Zesummeschaffen vun deenen 8 Servicer, di bei de Schoulhäff sief et bei der Planung, sief et beim Ënnerhalt, sief et bei der Gestioun implizéiert sinn. Vun do koum dann och d'Propos, iwwer e Coordinateur nozedenken, deen dat Ganzt am Bléck huet. Ech kann also nëmme begréissen, wann de Schoulschäffen esou ee Poste consideréiert – et wier wierklech néideg.

Och Schoulgäert sinn ëmmer erëm en Thema, an si goufen a verschidde PDS'en a PEP'en ugeschwat. Schoulgäert a flott Schoulhäff sinn och eng wichteg Basis fir d'Konzept vum „Léieren dobaussen", dee vum Schoulschäffe jo positiv ervirgestrach gouf. Et gëtt och schonn intressant Initiative vum Léierpersonal an de Schoule vun Hamm, Gaston Diderech, Nic Martha an Demy Schlechter, di onbedéngt weidergefouert musse ginn an dofir di néideg Ënnerstëtzung von de Servicer brauchen. An di fir aner Schoulen e Virbild als bonne pratique kënne sinn. Ech denken, e Schoulgaart ass och e ganz flotten Element am PEP, well e ganz komplementar vu Schoul a Foyer ka betreit ginn.

4. PDS/PEP an Direction de l'enfance

An dat wier da mäi leschte Punkt, dee mir – wéi och schonn an de Joren virdrun – um Häerze leit: eis Schoulentwécklungspläng PDS an d'Plans d'encadrement périscolaire, die d'Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Foyer/Betreiungsstruktur verbessere sollen.

Mir stëmme mat dëser Schoulorganisatioun di nei 3-järeg PDS'en. Dat ass nom Schoulgesetz Kompetenz vum Gemengerot. Dës Pläng gi vun 2024-2027 a goufe vun all Schoul mat Avis vun den Elterevertriedungen ausgeschafft. Dat bedeit vill Aarbecht, wann et seriös geholl gëtt.

Deels liest ee pertinent Analysen a Bewäertungen vun de Stäerkten a Schwächten, wat eng intensiven Ausenanersetzung spigelt an der Schoulgemeinschaft erlaabt, zoukënfteg Zieler festzeleien, di dem Besoin entspriechen an och erreechbar sinn.

Et fënnt ee vill gutt Iddien, besonnesch mat Bléck op e gudde Schoulklima, wou Respekt, Versteesdemech an Toleranz am Mëttelpunkt stinn, awer och zur Verkéierssituatioun ronderëm d'Schoul → de François Benoy geet am Detail op dës Problematik an ; mir hunn dat ëmmer erëm thematiséiert!

Eenzel Schoulen hunn sech a mengen Aen ervirgedoen mat Zieler, di wierklech an d'Zukunft weisen: z.B. Alphabetiséierung op franz., Inklusioun. Et ass leider net méiglech op alles anzegoen.

Ech vermëssen allerdéngs an de PDS'en dat wat ech Ufanks ugeschwat hunn: Bildungszieler an en héijen Bildungsniveau fir méiglechst all Kand erreechen.

Et ass legitim, dat sech all Schoul en individuellt Profil gëtt mat speziellen Aktivitéiten an Aktiounen, awer den eigentlechen Ziel vum Plan de développement scolaire muss **dee** sinn, dat all Kand e méiglechst héijen Leeschtungs- resp. Bildungsstand erreecht. Dat kënnt a mengem Aen net genuch zum Ausdrock. Dat muss och kloer vun der Politik gefrot ginn. Dofir brauch et eng faktenbaséiert Ausgankssituatioun, eng kloer Zilsetzung an och Milesstones, di de Wee bei d'Ziel weisen an hëllefen, d'Ziel z'erreechen. An och jéierlech Tëschebilan'en, di eis weisen, wou di eenzel PDS'en par rapport zu hiren Zieler stinn.

Wat d'Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Foyer scolaire ugeet, do ass offensichtlech nach ganz vill Loft no uewen. D'PEP'en sinn gréisstendeels minimalistesch gestaltet. Et liest een tëschent de Zeilen, dat et um néidege Vertrauen awer och un der Kommunikatioun tëschen deenen 2 Beruffsgruppe feelt. Dat ass schued, well si schaffen allen 2 mam selwechte Kand. Et ginn awer och ganz kloer Limitten, wann d'Software net kompatibel ass fir mateneen ze kommunizéieren, den e-Bichelchen ze kucken etc.

Wéi komme mir zu enger méi grousser Integratioun vun deenen 2 Beräicher? Z.B. kéint een sech gutt virstellen, dat all Schoul a Foyer scolaire um Enn vum Schouljoer eng gemeinsam Porte ouverte mécht, wou Elteren a Kanner di 2 Bildungsberäicher kenneléieren kënnen. Och dat wëllt ech nach froen: wou si mir drun mam Guichet unique, vun deem schonn esou laang geschwat gëtt an deen et fir d'Elteren endlech méi einfach géing maache bei der Aschreiwung vun hire Kanner a Foyer a Schoul?

Dat et ëmmer ëm dat selwecht Kand geet, schwätzt a mengen Aen och dogéint, d'Aktivitéite vum Service Foyer scolaire an di vum Service Enseignement ze trennen, wéi et de Schoulschäffen ugekënnegt huet. Villméi wier et néideg, z.B. iwwer „Assisses de l'enfance » gemeinsam Ziler, Projeten a Mesuren z'entwéckelen, an di fachlech Kompetenze komplementar zum Wuel vum Kand anzesetzen.

5. Eng Direction à l'enfance

Dat alles scho gesot, schéngt et mir wichteg, eise Service de l'Enseignement opzestocken. Fir di néideg Analysen ze maachen, fir dat mir faktenbaséiert diskutéieren an di richteg Decisiounen huele kënnen. De Schoulschäffen ënnersträicht dat d'Zuel vun de Kanner klëmmt, an awer hu mir keng Zuelen doriwwer, wéi vill Kanner am Quartier/am Ressort scolaire liewen, wéi vill Kanner dovunner an eng international Schoul – ëffentlech oder privat. Esou Analyse sollten zesumme mat der Direction régionale gemaach ginn, der an der Qualitéit vum Enseignement an der Stad jo och geleeën ass.

Awer et gëtt a mengen Aen och e Problem mat der Koordinatioun resp. Hierarchie. Wann et schleeft, bis Mëssstänn, wéi bspw. deen Dauerbrenner Schoulhaff rue de Commerce, geféierlech Verkéierssituatiounen, Raummangel, Problemer di Schoul a FS zesumme betreffen, etc. geléist sinn, well vill aner Servicer matschwätzen an den SE dofir méi Autoritéit bräicht. Dofir wëllt ech wëssen: wéi ass d'Besetzung vum SE aktuell? Ginn di Ressourcen duer, fir 5.500 Kanner, 764 Léier- an Erzéiungspersounen, Elteren a Projetspartner ze bewältegen? Wéi gesäit et aus mat enger Analyse vum Organigramm an der Optioun, eng Direction de l'enfance ze schafen? Et ass natierlech gutt – awer och relativ einfach – vill flott Projet'en wéi Beemplanzen, Sportsdeeg, Schoulhond et j'en passe – z'ënnerstëtzen an ze finanzéieren, mä dat strukturellt bleift an eisen Aen op der Streck resp. bräicht méi Opmierksamkeet a politesche Verbesserungswëllen.

6. Conclusioun

Ofschléissend begréissen ech di nei Energie vum Schoulschäffen a stellen him och eis Vertraue fir d'Schoulorganisatioun an Aussiicht. Mir sti jo nach am Ufank vun der neier Legislatur a mir wäerten opmierksam bleiwen, op di Zieler, di dëse Schäfferot a Puncto Schoul formuléiert och ëmgesat ginn. A mir wäerte weiderhi kritesch-konstruktiv Virschléi maachen, an eis freeën, wann di net d'office an de Wand geschloe gëtt.

Eng gutt ëffentlech Schoul muss d'Bildungsgerechtegkeet als Ziel verfollegen, an dat bei der Verdeelung vum Kontingent an de Mëttelpunkt setzen. Dofir brauche mir faktenbaséiert Analysen, di fir d'Schoulorganisatioun 2025/26 solle virgeluecht ginn.

Eis Infrastrukture musse besser Schrack hale mat den Ufuerderungen un d'Léieren a brauchen an der Planung d'Matschwätze vun der gesamter Schoulkommunitéit. Mir froen en Aktiounsplang Schoulhäff, fir all eis Schoulhäff klimaadaptéiert, bewegungsorientéiert a kreativ ze gestalten.

Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Foyer scolaire muss offensiv verbessert an d'Qualitéit vum FS gepréift ginn.

D'Stad muss sech di néideg Kompetenz an RH ginn am Service d'Enseignement. Eng héich Schoulqualitéit brauch méi Moyen'nen an d'Stad brauch dofir eng iwwergeuerdent Direktioun de l'Enfance.

Merci allen Servicer, di sech ronderëm d'Bildung vun eise Kanner engéiert asetzen!